neiegkeeten
vum Grupp Forum

50 Joer Ligue HMC gi gefeiert!
Och de Grupp Forum ass do mat derbäi!

Dëst Joer feiert d' Ligue HMC hier **50 Joer**.
Dat ass eppes ganz Besonnesches.

Duerfir huet de Grupp Forum sech, zesummen mat villen aneren, laang a vill Gedanken gemaacht, wéi d' Ligue HMC dëse Gebuertsdag kéint feieren.

An dëser Zeitung erzielen mir iech dovun.

Wat ass schon geschitt fir d'50 Joer vun der Ligue HMC ze feieren?

D'Séance Académique vun der Ligue HMC

De Grupp Forum stellt sech fir!

Konveniat 50 Joer Ligue HMC

Weider Aktivitéiten fir d'50 Joer ze feieren

www.ligue-hmc.lu

neiegkeeten

vum Grupp Forum

Wat ass schon geschitt fir d'50 Joer vun der Ligue HMC ze feieren?

Step by Step.....Säit 3
Riesegrouss Skulptur.....Säit 3
E gëllene Schniewel.....Säit 4
Séance Académique.....Säit 4
Fotos-Austellung.....Säit 4
Concours.....Säit 5
Konveniat.....Säit 5

D'Séance Académique vun der Ligue HMC

E Réckbléck vum Grupp Forum.....Säit 6
Virbereedung mam Lisa David.....Säit 7 - 8
D'Opreegung war grouss.....Säit 9
Alles war gutt an laang geübt gin.....Säit 10
Inclusioun.....Säit 10
Theater an Musek.....Säit 11
D'Grande-Duchesse.....Säit 12
Ee rieseg groussen Gebuertsdagskuch.....Säit 14
E ganz speziellen Dag.....Säit 15

De Grupp Forum stellt sech fir

Wat maachen mir?.....Säit 16
Wien si mir?.....Säit 17 -19

Konveniat 50 Joer Ligue HMC

Artikel von Françoise Unsen, Aloyse Junck und Jean-Marie Weishaar.....Säit 20 - 21
E Réckbléck vum Grupp Forum.....Säit 22 - 23
Weider Aktivitéiten fri d'50 Joer vun der Ligue HMC ze feieren.....Säit 24

Vill Spaass beim liesen!

Wat ass schon geschitt fir d'50 Joer vun der Ligue HMC ze feieren?

1. Step by Step: E Buch iwwert d'Ligue HMC
2. Eng Riesengrouss Skulptur
3. E gëllene Schniewel
4. Séance Académique
5. Fotosaustellung
6. Concours
7. Konveniat

1. Step by Step

Am März, ass e Buch eraus komm.
Et gouf extra geschriwwen fir di 50 Joer.
Dëst Buch heescht "**Step by Step**".
Dat ass en engleschen Ausdrock an bedeit "**Schrëtt fir Schrëtt**".

Den Här Norbert Ewen huet am Buch vill iwwert **d' Geschicht vun der Ligue HMC** geschriwwen. Wéi se fréier war, a wéi se sech entwéckelt huet.
Vill aner Leit hu geschriwwen wéi d' Ligue HMC haut funktionéiert.
Et sinn och **Interviews a Fotoen vu Mataarbechter** vun der Ligue HMC am Buch.

2. Riesengrouss Skulptur

D' Schlässerei huet eng risegrouss Skulptur gemaach.

Si steet am Park,
fir bei der Villa.

3. E gëllene Schniewel

Et gouf e **Péckvillchen** gemaach, och extra fir di 50 Joer.
Dëse Péckvillchen ass blo a gréng an huet e gëllene Schniewel.

4. Séance Académique

De 14. Mäerz war eng Séance Académique am Kinneksbond zu Mamer.
Do waren **vill Éiregäscht** invitéiert an och d' Grande-Duchesse. Et sinn vill Rieden gehalen ginn.

5. Fotos-Austellung

De **Fotograf René Gillain** huet eng Fotos-Austellung gemaach.
Hien huet Fotoen vun de Mataarbechter vun der Ligue HMC gemaach.
D' Fotoen sinn net fuerweg, mee schwaarz-wäiss.
Et konnt een dës Fotoen an de Kinneksbond kucken goen.

6. Concours

Et gouf e Concours organiséiert, bei deem jidderee konnt e Bild molen a Fotoe maachen.

1. Platz

De **SAJ** huet di 1. Platz gewonnen bei dësem Concours.

2. Platz

D' Beggener Haus huet di 2. Platz gewonnen.

3. Platz

D'**Valérie Jean** an den **Jean-Marie Weishaar** hunn di 3. Platz gewonnen.

7. Konveniat

Den 6. Juli gouf e groussen Konveniat organiséiert fir all d'Leit déi an deenen leschte 50 Joer bei der Ligue HMC geschafft oder gewunnt hun.

D' Séance Académique vun der Ligue HMC

E Réckbléck vum **"Grupp Forum"**

De 14. Mäerz 2013 war et endlech esou wäit, an d' Ligue HMC hat hir Séance Académique am Kinneksbond zu Mamer.

Dëst, fir de Leit dobaussen offiziell matzedeelen, dass d' Ligue HMC 2013 hir **50 Joer** feiert.

Laang huet dësen Dag misste virbereet ginn. Et sollt jo e ganz speziellen Dag ginn, een deen een net esou séier vergiessen sollt.

Invitatiounen hu missten am viraus verschéckt ginn, lessen a Gedrénks huet missten organiséiert ginn, Dekoratioun fir op Dëscher an am Sall hunn net dierfte feelen, Musek sollt gespillt ginn...

Och wollte mir dësen Dag all extra schéin ausgesinn.

De Livio erënnert sech dass hien schonn e puer Wochen virdrun **eng schick schwaarz Box an e wäisst Hiem** kafen gaangen ass; an Donneschdes moies wor hien och extra bei de Coiffeur.

Réckbléckend mengt d' Maggy dass wann een esou schick ugedoen ass, da fillt een sech iergendswéi wéi eng "**besser Persoun**",et ass eppes Besonnesches an net esou wéi all Dag.

Virbereedung mam Lisa David

Fir dass de Grupp Forum sech nach besser konnt op dësen Dag fir-bereeden, hu mir all eng Formatioun mat der Madame Lisa David mat gemaacht.

D' Lisa David ass "**Kommunikatiouns-Trainerin**", dat heescht si huet mat eis d' Kierper-Sprooch geübt, wéi een sech richteg stellt, wéi een seng Hänn soll maachen a wéi no een bei engem aneren ka stoen.

Mir hunn och mat hir geléiert wéi een Kritik un engem aneren ausübt a wéi ee soll mat de Gäscht vun der Séance académique schwätzen.

Mir hunn och driwwer diskutéiert, wéi een kann erkennen wéi et engem aneren geet. Et ass net ëmmer einfach fir mat den Aen ze gesinn wéi en aneren sech fillt.

Den Dag virun der Séance Académique ass d' Lisa och mat eis op Mamer an de Kinneksbond üben gaangen.

Dat war wichteg. Et huet eis gehollef dass de 14. Mäerz dunn alles 1A geklappt huet.

De Boris erënnert sech wéi hien geübt huet fir d' **Blummen-Iwwereeschung**.

Den Aloyse erënnert sech wéi hien mam Lisa geübt huet fir dass hien bei der Moderatioun och d' Leit kuckt an net just vu sengem Ziedel ofléist. Réckbléckend mengt den Aloyse och dass di ganz Saach méi schwiereg gewiescht wir ouni d' Lisa, dann wier dat alles näischt ginn.

Och d' Maggy ass sech sécher, dass d' Formatioun vum Lisa David **vill gehollef** huet. Vläicht net direkt bewosst, mee onbewosst huet d' Maggy sech richteg mat de Féiss gestallt an stoung sou sécher a gutt fest.

D' Mireille ass frou gewiescht dass d' Lisa him gehollef huet beim Text schreiwen fir d' Moderatioun.

Jiddereen vum Grupp Forum seet dem Lisa e groussen Merci fir seng Hëllef!

D'Opreegung war grouss

Den Dag selwer war d' Opreegung grouss. Jiddereen war gespaant, op di vill Éiregäscht, a virun allem op d' **Grande-Duchesse**.
Punkt 5 Auer stoungen de Boris an de Françis prett fir d' Grande-Duchesse an d' Madame **Marie-Josée Jacobs,** mat engem Bouquet Blummen ze begréissen.

Dëst war de Moment fir dass de Boris der Grande-Duchesse och direkt konnt erzielen dass hien **mam Guillaume zesummen an de Scoute** war.

E puer Leit vum "**Grupp Forum**" souzen am Publikum, also bei all de Gäscht am grousse Sall.

All d' Gäscht haten sech **erausgefiizt**, a waren schéin ugedoen. Op et fir d' Grande-Duchesse och nach ëmmer eppes Besonnesches ass fir sech schick unzedoen? Si deet sech jo all Dag esou schéin un...?

Alles war gutt a laang geübt ginn.

Fir d' Moderatioun waren den Aloyse, d' Maggy an d' Mireille zoustänneg; dat heescht si hunn duerch de Programm gefouert.

D' **Maggy** weess nach dass hat ganz opgereegt war fir sech net ze verschwätzen an sech ze blaméieren.

Den **Aloyse** war net opgereegt, schliisslech war jo alles gutt a laang geübt ginn.

Deen éischten dee geschwat huet, also eng Ried gehalen huet, war den **Här Norbert Ewen**. Hien huet all d' Leit déi do waren häerzlech wëllkomm geheescht.

Inclusioun

Méi spéit huet hien nach eng Kéier iwwert "Inclusioun" geschwat. "Inclusioun" heescht, dass all Mënsch soll iwwerall kennen dobäi sinn.

Et soll keen ausgeschloss sinn. Dat heescht dass och Leit mat enger Behënnerung solle kënne mat schwätzen, mat iwwerleeën, mat plangen a mat décidéieren.

Hien huet och iwwert d' Ligue HMC vu fréier a vun haut geschwat.

Fréier ware Leit mat enger Behënnerung méi doheem; haut gi si vill méi matgeholl an eraus. Zur gläicher Zäit wéi hien geschwat huet, sinn och Fotoen vu fréier gewisen ginn.

Oppe fir all d' Leit

Duerno huet den Här **Gilles Roth** geschwat. Hien ass de Buerger meeschter vun der Gemeng Mamer. Hien huet erzielt dass hien als Capellener Kand oft am Park vun der Ligue HMC Fussball gespillt huet. Vun Ufank un war d' Ligue HMC oppe fir all d' Leit a jiddereen konnt an de Park kommen.

D' Madame **Marie-Josée Jacobs** huet och geschwat. Si huet d'Schluss wuert geschwat an erzielt dass si de Boris all Samsdeg gesäit a mat him schwëtzt.

Theater an Musek

Fir de Programm ze fëllen a fir dass et net langweileg géing ginn, ass och Theater a Musek gespillt ginn.

Den Theater ass vum **collectif DADOFONIC** gespillt ginn.

Den Här Paul Mootz a saïn Percussiouns-Ensembel vum **Staater Conservatoire** hu Musek dobäi gemaach.

3 mol sinn si opgetrueden:
1mol am Däischteren mat **blo Luuchten**, déi si beweegt hunn, duerno mat **fuerwege Rondelen** a Beweegung an zum Schluss mat engem Zirkus-Theater.

D' Grande-Duchesse

Wou alles eriwwer war am grousse Sall, stoungen de ganze Grupp Forum an och den DADOFONIC zesummen am Spaléier.

Do koum d' **Grande-Duchesse** a si huet jidderengem vun eis d' Hand ginn a mat eis geschwat.

Si sot mir hätten eis Saach gutt gemaach. Dat huet eis all stolz gemaach.

Zum Aloyse an zum Maggy sot se et misst een **vill Courage** hunn fir op der Bühn ze moderéieren.

Dunn huet d' Maggy direkt bei sech geduecht: "hei wann ech elo misst beim Poopst eng Ried halen, géing ech dat och direkt maachen. Zwar net alleng, do hätt ech Angscht, mee wann ech dem Mireille seng Ënnerstëtzung kréicht, wier dat kee Problem fir mech. Dat war meng 1. Reaktioun dunn".

D' Madame Jacobs, den Här Mosar, den Här Bettel a nach vill aner Leit sinn och bei eis komm an hunn eis d' Hand ginn a mat eis geschwat.

Et war och **flott Leit vu fréier erëm ze gesinn,** wéi zum Beispill den Thomas Rose, oder d' Andrée Kerschenmeyer, an d' Madame Mersch.

Zum Schluss war en Empfang fir all d'Gäscht, mat Schnittercher an Éierenwäin.

De Sall war e bëssen dekoréiert mat ronnen Dëscher a mat Blummen déi de SAFE gemaach huet.

Et stoungen och vill Pannoën do wou d' Sponsoren a Fotoen drop waren.

Et goufe **vill kleng Schnittercher**, Mini-Lënsen-Zoppen, Crevetten um Bengel, kleng Stécker mat Poulet, a villes méi.

Et huet gutt geschmaacht.

Et goufen och kleng Desserten, kleng séiss Saachen an Täerttecher. Alles war ganz schéin presentéiert.

D' Hotel-Schoul an eis Leit aus de Restauranten Goldknapp a Capellen si mat Plateauen ronderëm gaangen an hunn servéiert. Si goufen ënnerstetzt vu Schüler aus der Hotelschoul.

Si hunn hier Saach gutt gemaach. Si haten och eng extra Uniform un deen Owend, e wäisst Hiem mat der 50 drop an esou ee wäissen spatzen Kach-Hutt.

Ee riseg groussen Gebuertsdagskuch

Et gouf och ee risegroussen a gudden Gebuertsdagskuch. Deen ass vun der Grande-Duchesse opgeschnidde ginn, zesummen mat der Madame Jacobs. Jiddereen krut e Stéck.

Fotos-Ausstellung

Ënnen am Keller war och nach eng Fotos-Ausstellung
vum Kënschtler René Gillain.

Hien huet Fotoen vu verschiddene Leit bei der Ligue HMC gemaach. D' Fotoen waren net faarweg mee schwaarz-wäiss. D' Fotoen waren schéin.

Dem Françoise huet virun allem déi vum Richi esou gutt gefall wou hien d' Klatz beim Keelen spille gehait. Ob verschiddene Fotoen awer kucken d' Leit vill méi eescht dran wéi si a Wierklechkeet sinn.

E ganz speziellen Dag

Et war e laangen Owend, mee een deen de Grupp Forum net esou séier vergiessen wäert.

Fir eis déi matgemaach hunn, war et e ganz speziellen Dag.

Et war herrlech esou eppes mat ze erliewen, well esou eppes erlieft ee bestëmmt net nach eng Kéier.

Et war just ganz schuet dass den Dr. Sandt net konnt do sinn.

Merci

Der **Grande-Duchesse** wëllen mir wierklech Merci soen, dass si sech esou Zäit geholl huet fir eis. Mir hoffen et huet hier gutt gefall.

Och d' Bianca an d' Mireille sinn ganz houfreg dass de Grupp Forum gutt virbereet war an dass alles gutt gaangen war.

De Grupp Forum wëllt och all deenen Leit Merci soen déi vill "hannert de Kulissen" matgehollef hunn (Directeurs, Conseil d' Administration, Sponsoren, SAFE, dat ganzt Personal, och fir hier Hëllef bei de Vestiaires, Parking, Navettes, ...).

De Grupp Forum stellt sech fir!

Wat maache mir?

De **Grupp Forum** ass vun der Ligue HMC a gëtt et schonn säit 2 Joer.
De Grupp Forum gehéiert zu der Life ACADEMY.

Mir sinn am Moment zu 7 Leit plus d' **Bianca Gary** an d' **Mireille Schock**.

Mir léieren **eis Meenung soen** an och dobaussen ze vertrieden.
Zum Beispill gi mir bei d' CFL an bei di Städtesch Bussen an erklären deenen wéi si besser kennen mat Leit mat enger Behënnerung schwëtzen an hinnen hëllefen.

Mir maachen och Formatiounen mat.
Zum Beispill wou mir léieren wéi een sech soll verhalen a verschiddene Situatiounen, oder wéi wäit een soll Ofstand halen wann een mat engem schwätzt.

Mir waren bei der ganzer **Organisatioun vun der Séance Académique** a vum **Conveniat** derbai.

Jiddereen kann bei eis mat maachen.
Mir treffen eis all Donneschdes Moies an der Villa zu Capellen.

Wien si mir?

Maggy

Ligue HMC: Scho ganz laang bei der Ligue HMC
Aarbecht: Ech hat mol an der Kiche geschafft, och mol am Bitzen. Elo sinn ech am Tissage gelant.
Wunnen: Ech wunnen alleng mat enger Frëndin. Virdrun hunn ech 3 an en halleft Joer an engem Foyer vun der Ligue HMC gewunnt.
Hobby: Foi &Lumière, Day Center, Schwammen

Livio

Ligue HMC: Säit 1984 bei der Ligue HMC
Aarbecht: Ech war am Piwwel, elo sinn ech an der Schlässerei
Wunnen: Ech wunnen alleng an mengem Haus, mat menger Mamm
Hobby: Foi & Lumière, Boule spillen

Jean-Marie

Ligue HMC: Säit 1970 sinn ech bei der Ligue HMC
Aarbecht: Ech schaffen am Büro-Service
Wunnen: Ech wunnen zu Baastenduerf am Foyer
Hobby: Molen, fotograféieren, spadséieren, an d' Vakanz goen

Françoise

Ligue HMC: Scho ganz ganz laang
Aarbecht: Ech war schonn op ganz ville Platzen, an der Kichen am Büro-Service, an lo sinn ech um Telefon am Sekretariat
Wunnen: Ech wunnen alleng an mengem Appartement
Hobby: Aiderbichlerfrënn, bitzen, Seide-Molerei, knëppen a villes méi

Aloyse

Ligue HMC: Säit 1973 sinn ech bei der Ligue HMC
Aarbecht: elo schaffen ech am Piwwel
Wunnen: zu Baastenduerf am Foyer vun der Ligue HMC
Hobby: Timberen, Geschicht, Reese maachen

Boris

Ligue HMC: Säit 1996 sinn ech hei
Aarbecht: An der Still-Flechterei
Wunnen: Um Briddel, mat menger Mamm
Hobby: Foi & Lumière, telefonéieren

Françis

Ligue HMC: Sait 1969
Aarbecht: Elo sin ech an der Pensioun
Wunnen: Ech wunnen zu Bastenduerf am Foyer
Hobby: Heiansdo op Dikrech goen, Kommissiounen maachen goen, Kaffi & Kuch iessen. Ech spillen och Piano an Melodika. Ech sammelen Postkaarten vun iwwerall.

Carlo

Ligue HMC: Schon ganz laang, vun Ufank un
Aarbecht: Piwwel
Wunnen: Zu Baastenduerf am Foyer vun der Ligue HMC
Hobby: Autoen

Konveniat 50 Jahre Ligue HMC in Capellen den 06.07.2013

Geschrieben von Françoise Unsen

Am 6. Juli war unser Konveniat. Das Wetter war gut. Gegen halb elf kamen die ersten Gäste. Wir hatten ein großes Zelt, die Tische waren schön gedeckt.

Wir hatten ein drei – gängiges Menü. Als Entree hatten wir ein Sortiment von Fisch, als Hauptspeise Geschnetzeltes mit Erbsen und Möhren,
die Kartoffel überbacken.
Ein riesengroßer Geburstagkuchen. Der war lecker.
Viele Gäste und Leute die in den vielen Jahren hier gearbeitet haben, haben mitgefeiert.

Es war ein Artist auf dem Fest der auf der Laterne seine Werke zeigte.
Fausti spielte mittags Tanzmusik.
Die Scouten verkauften Tombola Numeros. Sie hatten schöne Preise:
zum Beispiel einen Flug mit dem Heissluftballon, einen Ipad und ein Handy.

Einen Fotografen hatten wir um Fotos zu machen von denen die wollten, um als Souvenir mit nach Hause zu nehmen.

RTL hatte mich Donnerstags interviewt. Am Samstagmorgen hatten sie Christof und mir Fragen gestellt und fotografiert.

Am Abend hatten die Scouten gegrillt. Von 19 Uhr bis 21 Uhr war Disco. Ich hatte Dr Sandt einen Blumenstrauß überreicht.

Geschrieben von Junck Aloyse und Weishaar Jean-Marie

Am Samstag, den 06.07.2013 fand in Capellen die Feier zum 50. Jubiläum der Ligue HMC statt.

Zahlreiche Gäste wurden eingeladen, die etwas mit der Ligue HMC zu tun hatten. Es war eine Freude die alten Erzieher wiederzusehen.

Zuerst fand ein Empfang mit Begrüßung statt.
Gegen 13 Uhr war Mittagtafel angesagt. Es gab als Vorspeise einen Fischteller und danach als Hauptgang Fleisch. Als Nachtisch gab es einen großen Geburtstasgkuchen.
Während der ganzen Feier gab es Musik. Ein Orchester aber auch Fausti haben gesungen. Animationen wurden auch angeboten wie einen Clown und verschiedene Spiele.
Eine Tombola gab es auch und man konnte viele Sachen gewinnen.
Wir bekamen auch eine DVD. Fotografen waren auch auf der Feier.

Am Abend haben wir noch gegrillt. Die Feier dauerte bis 21Uhr.

Es war ein schönes Fest, welches gut vorbereitet war. Es hat uns gut gefallen.

E Réckbléck vum Grupp Forum

2011 hatte Alyose die gute Idee einen Konveniat zu feiern.
Die Gruppe Forum war begeistert und hat die Direktoren gefragt.
Alle waren damit einverstanden und haben uns gefragt bei der Organisation zu helfen.

Françoise und Aloyse waren beim Organisations-Komitee dabei und haben die Gruppe Forum über alles informiert.

Wir haben mitentschieden:

Maggy hatte die Idee ein „Goldenes Buch“ zu machen, damit die Gäste etwas dazu schreiben können.

Boris sagt, er hat viele Fotos gesammelt. Fotos von früher; für das Buch Step by Step.

Wir haben über die Kosten überlegt. Ein Feuerwerk um Mitternacht wäre zu teuer gewesen. Die “Scharlatane“ aus Hamburg haben eine witzige Foto-Show gemacht. Das war teuer hat sich aber gelohnt.

Wir haben viel über das Menü überlegt:
- Büffet oder Teller-Service?
- Warmes oder kaltes Essen?
- Wer soll kochen?
- Es sollte unbedingt alkoholfreies Bier geben

Und wo kommt das Zelt hin? Und vieles mehr.

Wir waren froh mit zu organisieren und sagen zu können was wir gut finden und was nicht. Wir haben unsere eigenen Ideen gehabt und diese an das Organisations-Komitee weiter gegeben.

Wir sind sofort bereit ein ähnliches Fest wieder mit vorzubereiten.

Weider Aktivitéiten a Fester fir d'50 Joer vun der Ligue HMC ze feieren

Bocce Turnier
27. Juli 2013
zesummen mat
Special Olympics

Special Olympics Luxembourg

Zirkus SARDAM vum collectif Dadofonic
19. Oktober 2013
am Kinneksbond zu Mamer

Timber
Am Joer 2014 kennt en Timber vun der Ligue HMC eraus.
Op dësem Timber ass dat Bild vum SAJ.

Expo an der der Belle-Etoile „Aus der Regioun fir d'Regioun"
26. September
-5. Oktober 2013.
Mir stellen eis Atelier'en an der Belle-Etoile fir.

Abschlusskonzert in der Philharmonie
auf Kirchberg
24. März 2014

Matgeschafft bei dëser Zeitung hunn:

Aloyse Junck
Bianca Gary
Boris Stencel
Carlo Ruppert
Daniel Mamer
Françis Thill
Françoise Unsen
Isabelle Mousset
Jean-Marie Weishaar
Livio Domini
Maggy Reding
Mireille Schock